LISER
LUXEMBOURG INSTITUTE OF SOCIO-ECONOMIC RESEARCH

REGLEMENT VUM CONCOURS

Reglement vum Concours

Verlousung organiséiert vum LISER a Presenz vun engem Huissier

1. Déi ëffentlech Institutioun Luxembourg Institute of Socio-Economic Research (am Rescht vun dësem Dokument „LISER" oder „Zentre" genannt), déi hire Sëtz an der Maison des Sciences Humaines um 11, Porte des Sciences, L-4366 Esch-sur-Alzette/Belval huet an duerch hir statutaresch Organer representéiert ass, déi zurzäit am Amt sinn, organiséiert e Concours am Kader vun der **Ëmfro iwwert d'Wuelbefanne vun de Kanner a Jonken zu Lëtzebuerg am Joer 2023,** (am Rescht vun dësem Dokument „Ëmfro" genannt).

2. De Concours leeft vum 30. Mee bis de 15. Juli 2023.

3. De Concours ass op fir d'Kanner, déi un der Ëmfro deelhuelen a fir déi d'Elteren oder juristesch Vertrieder hir Zoustëmmung ginn hunn. D'Kanner déi vun der Ëmfro betraff sinn, wunnen zu Lëtzebuerg a waren den 31. Dezember 2022 8, 10, 12, 14 oder 16 Joer al. Déi nom Ofschlossdatum ausgefëllte Questionnaire gi net fir de Concours mat abegraff.

4. D'Membere vum Personal (Salariéen a Fräiberuffler) aus dem Zentre, deen de Concours organiséiert, esou wéi d'Familljemembere vun deene Persounen, déi hei uewen opgezielt sinn, däerfen net bei dësem Concours matmaachen. Nëmmen d'Persounen, déi hir Zoustëmmung ginn hunn, fir um Concours deelzehuelen, maache bei der Verlousung mat.

5. Je no Alterskategorie si folgend Präisser ze gewannen:
   - Präis Nr. 1 : 1 Kadoskaart Emotioun fir an den Europa Park (am Wäert vun 200€).
   - Präis Nr. 2 : 4 Plazen fir de Laser Game Houwald
   - Präis Nr. 3 : 1 Geschenkbox 4+2 (4 Kinosbongen + 2 Iess- a Gedrénksbongen)
   - Präis Nr. 4 : 1 Geschenkkaart fir bei d'Librairie Ernster (am Wäert vu 50€)

6. D'Verlousung gëtt an der Woch tëscht dem 24. an dem 28. Juli 2023 a Presenz vun engem Huissier duerchgefouert. Am Ganze ginn 12 Persounen ausgeloust – 4 bei 8 Järegen, 4 bei 10 an 12 Järegen a 4 bei 14 an 16 Järegen – an als Gewënner ausgezeechent.
   D'Gewënner vum Concours kréie per E-Mail Bescheed gesot, datt se gewonnen hunn. De Präis kann dann an de Raimlechkeete vum LISER an der Maison des Sciences Humaines, 11, Porte des Sciences, L-4366 Esch-sur-Alzette/Belval ofgeholl ginn.
   D'Gewënner hu bis den 22. September 2023 Zäit, fir hire Präis sichen ze kommen. Wa bis deen Datum ee vun de Gewënner sech net gemellt huet, geet säi Präis un de LISER, deen als Organisateur a Responsabel vum Concours, e no sengem Wëlle benotze kann.

7. All Persoun, déi beim Concours matmécht, muss dëst Reglement respektéieren. De kompletten Text vum Reglement ass bei der Etüd vun den Huissieren TAPELLA & NILLES, déi hire Sëtz um 14-16, rue du Canal, L-4050 Esch/Alzette huet, deposéiert a kann op der Websäit www.tapella-nilles.lu consultéiert ginn. En ass och op der Websäit vun der Ëmfro

publizéiert (https://childweb.liser.lu). De kompletten Text vum Reglement kréien d'Participante per E-Mail geschéckt, zum selwechte Moment, wou d'Participatioun um Concours bestätegt gëtt.

8. D'Matmaache beim Concours ass gratis. Et ass nëmme méiglech, um Concours op déi Aart a Weis deelzehuelen, déi an dësem Reglement virgesinn ass.

9. Et gëtt keng Plainte ugeholl, wat d'Organisatioun vun dësem Concours ugeet, ausser wann de Zentre eng Faute grave oder en absichtleche Feeler mécht. D'Verlousung vun de Gewënner kann ënner kengen Ëmstänn ugefecht ginn, ausser am Fall vun enger Faute grave oder engem absichtleche Feeler.

10. De LISER kann d'Präisser net géint aner Produiten oder Servicer an och net géint Boergeld ëmtauschen. D'Attributioun vun dëse Präisser kann ënner kengen Ëmstänn ugefecht ginn, ausser am Fall vun enger Faute grave oder engem absichtleche Feeler vum Zentre.

11. De LISER verflicht sech, d'Dateschutzreglement ze respektéieren.
    De LISER sammelt Identifikatiounsdonnéeën op Basis vun de Participanten hirer Zoustëmmung, fir dës Participante fir d'Lotterie anzeschreiwen a se an dësem Kader ze verwalten.
    De LISER verflicht sech, déi perséinlech Daten nëmmen zu deenen Zwecker ze benotzen, fir déi e se gesammelt huet, an hir Vertraulechkeet ze garantéieren. Et gi kengerlee perséinlech Daten un Drëttorganisatioune weidergeleet.
    De LISER verflicht sech, d'Ausübe vun de Rechter vun de betraffene Persoune mat Hëllef vun de Moyenen, déi en dem Participant zu deem Zweck uginn huet, ze vereinfachen.
    Wann d'Lotterie ofgeschloss ass, zerstéiert de LISER all d'Donnéeën, déi am Kader vun dësem Concours gesammelt gi sinn.

12. D'Responsabilitéit vum Zentre a sengen Organer, Employéen a Mandatairen am Kader vun dësem Concours, wat och ëmmer de legale Grond ass, ass op Fäll vun absichtleche Feeler a schlëmmer Noléissegkeet limitéiert.

13. D'Organisateure vum Concours behalen sech d'Recht vir, de Concours ze änneren oder ze suspendéieren am Fall vun engem gréisseren Evenement, dat d'Duerchféiere vum Concours onméiglech mécht. Am Fall wou verschidde Clausen ongëlteg wieren oder et géife ginn, gëllen déi aner Participatiounsbedéngungen.

14. De Concours an all aner Fro, wat d'Interpretatioun vum Reglement ugeet, gi vum lëtzebuergesche Recht gereegelt an ënnerleien der Kompetenz vun de Lëtzebuerger Geriichter.